

Merci, Lex!

Zënter datt et d'Actioun Lëtzebuergesch gëtt (a schonns virun) huet de Lex Roth sech mat Läif a Séil fir "eis Sprooch" agesat: an Dausenden Artikelen hei an der "Klack", an Honnerten Emissiounen um Radio, an e sëllege Bicher, déi hien zesumme mat der AL oder op eege Fauscht erausginn huet.

"Eng Klack fir eis Sprooch" war säi "Kand" – et kann een och soen: säin "Dad-da". Déi éischt Joren huet d'AL eng ganz Rei Nummern zu bestëmmten Theemen an Extra-Serien erausbruecht, déi un hir Membere verschéckt goufen. Dat war eng gutt Saach – awer fir d'Sprooch selwer a fir hir Verbreedung huet et net vill bruecht, well domat jo "nëmmen" déi deemools ëmmerhin awer nach ronn 2.000 Memberen erreecht gi sinn.

De Lex wollt méi. "Mir sinn d'Actioun Lëtzebuergesch", sot hien, a mir mussen "Actiune" maachen, mat deene mir méi Leit wéi just eis Memberen usprechen. Am Comité stounge se deemools nach laang net all hanner him. An awer!

Duerch seng gutt Kontakt mat den deemolege Chefredaktere vun den dräi groussen Dageszeitungen, dem Wort, dem Tageblatt an dem Journal, huet hien et fäerdegbruecht, datt vum 1993 un am Numm vun der AL all Mount an deenen dräi Zeitungen eng ganz Säit fir eis Sprooch publizéiert gouf, wat natierlech fantastesch war, well esou hu mir net nëmmen eis 2.000 Memberen erreecht, mä wäit iwwer 100.000 Lieser am ganze Land an doriwwer eraus.

Zënterhier sinn aus där Iddi **316 Klacke** ginn, déi reegelméisseg zéng Mol am Joer fir



Lex Roth

eis Sprooch gepénkt hunn. Wien hätt dat geduecht? De Lex selwer sécher och emol net! Bei all deenen 316 Klacken huet de Lex sech ëm d'Redaktioun gekëmmert, an ech dierf roueg soen, déi allermeescht vun den Artikelen an deenen 32 Joer huet hie selwer geschriwwen: Wat fir eng Leeschtung!

An der leschter Klack vum 6. Dezember 2025 huet de Lex all deene Merci gesot, déi et méiglech gemaach hunn, datt d'Klack esou laang laude konnt. An hien huet ugekënnegt, datt hie vum 2026 un e bësse méi lues trépple wëllt – wat mir dierchaus verstinn an him och gënnen. Wuel ass hien nach bereet, vun Zäit zu Zäit eng Hand mat unzepaken an "eppes" fir an d'Klack ze schreiwen, awer déi ganz Redaktiounsarbeit wëllt hien un de Comité vun der AL ofginn.

Mir wëssen, datt mir domat eng schweier lerschaft iwwerhuelen, awer mir sinn äis och bewosst, datt mir "eleng weinst dem Lex senger" elo net d'Klëppele bei d'Tromm geheie kënnen.

Dofir Dir, léiwe Lex, vun hei aus e ganz grouss MERCY fir d'Iddi vun der Klack a vrun allem fir dat, wat s Du an deene leschten 32 Joer duerch "Deng" Klack fir eis Sprooch gemaach hues! Du dierfs roueg net nëmmen e bëssen houfreg drop sinn!

A mir als Comité ginn Dir och d'Versprechen, datt d'Klack fir eis Sprooch och weiderhin den éischte Samschdeg am Mount laut – an der Hoffnung, datt mir och do nach méi wéi eng Kéier "eppes" aus Denger Fieder liese kënnen.

Claude Bache

Eng Klack fir eis Sprooch

(Nummern 1 bis 250)


An engem flotte Buch vun 261 Säiten (am DIN A4-Format mat mëllen Deckelen) sinn déi éischt 250 "Klacken", déi an de Lëtzeburger Dageszeitunge vun 1993 bis 2019 publizéiert goufen, ofgedréckt. Eng interessant Zesummesetzung fir dëst oder dat nozeliesen oder sech och einfach nëmme fir eis Sprooch z'intresséieren. D'Buch ass (an 3. Oplo vun 2020) bei äis fir 25 € ze kréien. Wa mir et schécke sollen, kënnt nach de Porto derbäi. D'Membere vun der AL brauchen kee Porto ze bezuelen.



D'Sëlwer Plaquette vum Joer 2026 fir d'Gemeng Nidderaanwen

Bei Geleechenheet vum Neijooschpatt vum dësem Joer kritt **d'Gemeng Nidderaanwen d'Éiereplaquette DICKS-RODANGE-LENTZ** am Sëlwer vum der Actioun Lëtzebuergesch iwwerreicht. Domat seet d'AL de Responsabele vun der Gemeng hire Merci an hir Unerkennung fir alles, wat si fir d'Lëtzeburger Sprooch maachen.

Den 31. März 2025 hunn de Kulturminister, den Direkter vum Zenter vun der Lëtzeburger Sprooch (ZLS) an de Schafferter vun der Gemeng Nidderaanwen eng Konventioun ënnerschriwwen, mat där si sech engagéieren, d'Lëtzeburger Sprooch an der Gemengenadministratioun ze fërderen a se méi sichtbar ze maachen. D'Gemeng Nidderaanwen ass zënterhier Pionéier, wat de Gebrauch vum Lëtzebuergesch an hiren Internet-Säiten uegt. Dee Site ass – nieft villen anere Sproochen – och integral op Lëtzebuergesch. Mat kuerzen, awer präzise Sätz, kann de Bier-



ger do all néideg Informatiounen fannen, déi hie vum senger Gemeng kréie wëllt.

Duerch dës Conventioun erlaabt d'Gemeng Nidderaanwen dem ZLS et och, op hir Informatiounen zréckzegräfen a se z.B. an der "Sproochmaschinn" oder an der "Schreifmaschinn", déi vum ZLS entwéckelt goufen, anzusetzen.

Zil ass et, datt eng Kéier déi ganz Informatiounen a Lëtzebuergescher Sprooch och all deenen anere Gemengen am Land kënnen zur Verfügung gestallt ginn. C. B.

D'Éiere-Plaquette DICKS-RODANGE-LENTZ

Zënter 1983 iwwerreicht d'AL reegelméisseg hir Éiere-Plaquette mat de Kapphäre vun eiser Sprooch – dem Dicks, dem Rodange an dem Lentz – u Perséinlechkeeten oder Vereenegungen, déi sech op eng besonnesch Manéier fir eis Sprooch agesat hunn. Déi dräi "Käpp" vun eisen Nationaldichter Edmond de la Fontaine, Michel Rodange a Michel Lentz goufe vum beschtbekannte "Médaillleur" Julien Lefèvre am Gips (50 cm Duerchmesser) geschaf. Dës Originaler, déi haut an der Originalzesummesetzung a voller Gréisst zu Miersch an der Entrée

vum nationale Literaturarchiv hänken, goufen do verklengert, an de Comité vun der AL huet an den Ateliers Fibru-Fisch zu Bréissel eng Éiereplaquette dovun maache gelooss.

Bis elo ass d'Plaquette schonns **4 mol am Gold** (Henri Rinnen, Lex Roth, René Faber an Alain Atten), **37 mol am Sëlwer** (ë. a. Pierre Werner, Robert Krieps, Tit Schroeder, Pir Kremer, Will Reuland, Pol Greisch, Jeanine Theis-Kauth, Germaine Goetzing, Gemeng Walfer [Bicherdeeg], Jérôme Lulling, Luc Marteling ...) an **2 mol am Bronze** verdeelt ginn.

Éischte gedréckten Text op Lëtzebuergesch

Den 10. Dezember 2025 waren et 200 Joer hir, datt den éischten zesummenhängenden Text op Lëtzebuergesch gedréckt gouf. Den Text ass e Gedicht iwwer "een aarmen Drénker" mam franséischen Titel "Les derniers Vœux d'un Ivrogne" a kouw den 10. Dezember 1825 am "Luxemburger Wochenblatt" (Ausgab 50/1825) eraus. D'Zeitung kann een online am eLuxemburgensia liesen.

Den Text gouf – anescht wéi déi däätschsproocheg Artikelen an der Zeitung – net an der Fraktur-Schrëft gedréckt, mee an der Antiqua-Schrëft, grad esou wéi déi franséischsproocheg Artikelen. Dëst ass eng Praxis, déi spéider am Laf vum 19. Joerhonnert vu ville Lëtzeburger Schrëftsteller iwwerholl gouf, eng bekannt Ausnam sinn dem Michel Rodange seng Wierker op Lëtzebuergesch, déi op Wonsch vum Rodange a Fraktur Schrëft gedréckt goufen.

Am Kontext dozou kouw datt éischt Buch op Lëtzebuergesch knapps 4 Joer méi spéit mam Titel "E' Schrek ob de' Lezeburger Parnassus" am Joer 1829 eraus. Dëst Buch gouf genee esou wéi

d'Luxemburger Wochenblatt an der Dréckerei Jacques Lamort gedréckt an besteet aus enger klenger Sammlung vu Gedichten an engem Kapitel iwwer d'Lëtzeburger Grammatik an enger Erklärung iwwer d'Orthographie, déi am Buch benotzt gëtt. Den Auteur war den Antoine Meyer, dee spéider Mathematiker op der Universitéit vu Léck ginn ass.

Zréck op d'Gedicht vum "aarmen Drénker": Et gouf virun nach keen zesummenhängende gedréckten Text an eiser Sprooch, just e puer vereenzelt Wieder an Nimm, zum Bei-

spill vereenzelt Wieder a kuerz Sätz an der Zeitung "Luxemburger Wochenblatt" oder e puer Nimm an de Rechnungsbücher vun der Stad Lëtzebuerg. Méi al Texter goufe vum "blannen Theis" Mathias Schou just a mëndlecher Form gesammelt a verbreet, dozou gehéiert och dat bekannt Lidd "Zu Arel op der Knippchen". Natierlech hu mir och nach de "Codex Mariendalensis" iwwer d'Liewe vun der "Yolanda vu Veianen", aus dem 13. Joerhonnert, mee dat ass e ganz anert Kapitel.

Patrick Kaell

W a n c h e r t e i .
Les derniers Vœux d'un Ivrogne.
(En patois de Luxembourg.)
Een armen Drénker, am gesten Leiden,
Woh sech gend Gott an den Dood zentreden,
Vier datt schwacht Liewen nett z'verlieren,
Daat ons nur eng Zeit kan z'oo gheeren.
Den Otem kon hien baal nett meech zéen,
A woch' s'eng Seel z'om Gewachtleed ob een
Setzt hien sech an der Schwachtleed ob een
Knecht,
Hien heelt s'eng Heen z'ne soinen mat viel Meech,
Seng doodelig Am z'om Himmel geschloen,
An hien fengt ons dës Wierde z'ne soen,
Matt enger beduerlecher Stemm: O Gott!
Mein Hierz hoidt dech nett een molli ausgespott.
Woivir moos ech schon 'Liewen verleren?
Sein ech schlecht, sooh? Ech wel meech be-
keren.
Alles, waat ech gedronckt hou, ass richtig
bezolt;
Mei Gewissen hoidt mir ett streng befolzt.
Ech spiren, don bleifst bei dongem Wollen,
Da solst du mei lachten Wonsch erfüllen:
Vou Groun menger Seel wel ech verzecken,
Well ech meech nett meech hei kan schecken,
Wann ech bestemt krén, ob der aner Welt,
Waast hei mei Liewen kascht hoidt a mei Geld.